SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/01/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.**

Iwwert de Registre national des personnes physiques kënne verschidden Autoritéiten, wéi zum Beispill d'CNS, d'CCSS an och d'Caisse pour l'avenir des enfants, un Donnéeë vu Bierger kommen. D'Bierger kënnen iwwert MyGuichet novollzéien, wien hie Donnéeë gekuckt huet.

Mir ass opgefall, dass d'Caisse pour l'avenir des enfants am Géigesaz zu den anere genannte Beispiller dës Donnéeën iwwert zwou verschidden Identifikatiounen ufreet.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Firwat huet d'Caisse pour l'avenir de l'enfant zwou Identifikatiounen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député